N°8349
Entrée le 17.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 8349 vum 26. September 2023 vum honorabelen Députéierten Sven Clement**

1) **Wéi eng kleng Upassunge goufen um Programm geholl, wëssend datt am Reglement grand-ducal vum 23. Dezember 2016 keng Ännerunge gemaach goufen an datt d'Demanden all Joer gläichzäiteg sollen agereecht ginn, an dat net méi spéit wéi den Termin vum 30. September?**

Et goufe kleng Upassungen technescher, respektiv informatescher Natur gemaach. Reglementaire Upassunge goufen net gemaach.

D'Demandë mussen och net all gläichzäiteg agereecht ginn. D'Federatiounen haten 2023 vum 6. Juni 2023 un, deen Dag wou d'Circulaire verschéckt ginn ass, bis den 30. September 2023 Zäit.

2) **An der Äntwert op d'Fro, wou den Delai vum 1te Januar festgehalen ass, huet de Minister gesot:**

   **"*An Zesummenaarbecht mat der ENEPS, hu mir dofir den Datum vum 1. Januar 2024 an der Circulaire fixéiert, fir ze garantéieren dat d'Veräiner d'Homologatioun den 1. Mäerz hunn*."**

   **Ass de Minister net der Meenung, dass dat eng insecurité juridique kéint duerstellen? Op wéi enger reglementarescher Basis ginn "verspéiten" Ufroen an deem Sënn refuséiert? Huet de Minister wëlles den Datum vum 1te Januar an dem Reglement festzehalen?**

D'Homologatiounsdemande vun engem Trainerschäin ass eng Prozedur déi onofhängeg vun der Demande fir de Subsid Qualité+ muss gemaach ginn, wann een een Trainer beschäftegt, deen säin Trainerschäin net hei zu Lëtzebuerg gemaach huet. Aus deem Grond ass et net néideg den 1. Januar als Delai an dem Reglement festzehalen. Juristesch ass a bleift den 1. Mäerz de Stéchdatum.

Den INAPS brauch eng gewëssen Zäit fir dës Demanden ze analyséieren ier eng administrativ Decisioun ka geholl ginn. An deem Sënn war an ass et mir als Minister wichteg ee räsonabelen Datum an d'Circulaire dranzeschreiwen, wou ech ka garantéieren, nach kënnen eng administrativ Decisioun virum Delai vum 1. Mäerz ze huelen.

A besoter Circulaire hunn ech och probéiert d'Veräiner ze sensibiliséieren, dass d'Trainer hier Homologatiounen direkt am Ufank vun der Saison ufroen - also an deene meeschte Fäll 16

Méint viru besotem Delai vum 1. Januar. Dëst virun allem fir d'Sportsveräiner viru béisen Iwwerraschungen ze schütze bezüglech dem Formatiounsniveau vum Trainer dee vläicht net deem entsprécht wat de Veräin sech virstellt. Ausserdeem hu mir et an der Vergaangenheet méi wéi eng Kéier erlieft, dass een Trainer dem Veräin säin Homologatiounsdokument net méi wollt aushännegen, wann de Kontrakt no der Saison net méi erneiert ginn ass.

3) **De Minister huet a sengen Äntwerten och erkläert, dass d'ENEPS mat villen Ufroe konfrontéiert ass. Wat fir Schrëtt wäerten an Zukunft geholl ginn, fir sécher ze stellen, dass d'ENEPS all d'Ufroe bis den 1ten Mäerz traitéiert huet?**

An der Fiche financière vum neien INAPS Gesetz ass eng Persoun virgesinn, déi sech prioritär ëm d'Homologatioune wäert këmmeren. Dës Persoun ass allerdéngs nach net agestallt ginn. Trotzdeem declenchéiert eng Homologatiounsdemande ëmmer ee Prozess, vun der Etude vum Dossier, vum Schäin, vun den Inhalter, vum Volume vun der Formatioun, vun engem Verglach mat de Lëtzebuerger Schäiner mat deenen d'Formatioun ka gläichgestallt ginn. Le cas échéant gëtt eng sportaartspezifesch Programmkommissioun consultéiert, iert dann d'Homologatiounskommissioun dem Minister een Avis proposéiert, deen dann déi final Decisioun mat enger administrativer Decisioun aktéiert.

Mir hoffen d'Delai'en zukünfteg erofzesetzen, mee grad zu gewësse Stousszäite kréie mir et net garantéiert, dass d'Waardezäite bedeitend wäerten erofgoen.

An deem Sënn hoffe mir, wéi an der Fro 2 detailléiert beschriwwen, duerch Sensibiliséierung an Informatioun vun de Veräiner, d'Stousszäiten ze verréngere fir dass si déi am Prinzip 18 Méint virum 1. Mäerz notzen, fir fréizäiteg eng Homologatioun unzefroen.

4) **Ass de Minister der Meenung, dass de Reglement vun 2016 an de Règlement vum 1te Juli 2021 koherent sinn?**

D'Zilsetzunge vu béide Reglementer si koherent an deem Sënn, dass béid Reglementer doropper hin zilen, dass d'Qualitéit vun den Trainer an hirer Aarbecht um Terrain verbessert gëtt. Op där anerer Säit stellt d'Règlement grand-ducal vum 20. Mee 2021 eng grouss Reform an der Ausbildung vun den techneschen an administrative Kaderen duer, sou dass et virun allem an der Nomenclature Ënnerscheeder a béiden Texter gëtt.

Dës Ënnerscheeder hunn awer keen Impakt op d'Praxis, well via d'Circulaire erkläert gëtt wéi déi nei Breveten a Brevet d'Etat'en am Kader vun der Berechnung vum Subsid Qualité+ unerkannt ginn.

5) **Stëmmt et, datt zënter kuerzem Traineren, déi zum Beispill am Volleyball een EQ5-Klassement hunn, och automatesch d'Konditioune fir en EQ5-Klassement an engem Fussballveräin erfëllen? Ass dëst am Aklang mam Reglement iwwert d'Formatioun an d'Weiderbildung vun den techneschen an administrative Responsabele vun de Sportsveräiner?**

Am Kader vun enger Demande fir de Subside Qualité+ gëtt effektiv keen Ënnerscheed tëscht de Sportaarten an der Spezialisatioun gemaach, wann et drëms geet fir Schäiner unzëerkennen. Effektiv geet et an der Koherenz zum RGD vum 23. Dezember 2016, dem RGD vum 20. Mee 2021 an dem Rahmenkonzept LTAD-Lëtzebuerg lieft Sport am jonken Alter an de Veräiner net dorëms, d'Kanner ze fréi an enger Sportaart ze spezialiséieren, mee breetgefächert hir physesch, motoresch a sportlech Kompetenzen an engem holisteschen Usaz ze fërderen an ze entwéckelen. Entspriechend ass dës Praxis am Aklang mam Reglement iwwert d'Formatiounen an d'Weiderbildung vun den techneschen an administrative Kadere vun de Sportveräiner.

6) **An hirem Programm vun 2018 huet sech d'Regierung folgendermoosse geäussert : "*Le relèvement de la qualité de l'encadrement à travers l'octroi du subside « Qualité+» s'opérera en cohérence avec les nouveaux règlements grand-ducaux sur la structuration des formations des entraîneurs dans l'intérêtdes fédérations et sociétés sportives*." Wat ass an deem Sënn konkret un de groussherzogleche Reglementer gemaach ginn?**

An enger Analys vum Conseil Supérieur des Sports vum aktuelle Reglement vum Qualité+ ass rauskomm, dass d'RGD Qualité+ enger déifgräifender Reform misst ënnerzu ginn.

Dës Reform misst vill méi wäit goe wéi dat wat am Koalitiounsaccord vun 2018 virgesi war. Entspriechend hu mir dovunner ofgesinn, den aktuellen Text marginal unzepassen, mee et gëtt un enger wäitgräifender Reform vum RGD fir d'Subside fir d'Sportsveräiner geschafft.

**Lëtzebuerg, de 16 November 2023**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Engel